COMMISSION DES SPORTS ET LOISIRS ET DE LA JEUNESSE

Jonglënster, de 17. November 2025

# 24. Reunioun – Rapport

**10. November 2025 – 19:30 – Centre sportif „Op Fréinen"**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d'Presidence un d'Membere vun der Kommissioun.

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapport vun der 23. Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Debrief – Gamechangers

- Alleguerten d'Sportsveräiner waren op den Atelier « Renforcer le bénévolat dans le sport » agelueden. Dat Ganzt huet Donneschdes, de 16. Oktober 2025 vun 18h30 bis 20h00 Auer am Centre culturel « Am Duerf » stattfonnt.
- Leider waren net vill Veräiner präsent a verschiddener déi ugemellt ware sinn net op d'Event komm. Vun der Kommissioun waren d'Presidentin an de Sekretär präsent a vum INAPS waren dëst d'Vera Hoffmann an d'Christine Mailliet.
- Den INAPS huet Interessi un eisem Questionnaire vun de Veräiner gewisen. Si maache selwer zu engem spéideren Zäitpunkt Questionnairen am ganze Land, esou géifen déi an eiser Gemeng ugepasst ginn. Mir hunn entscheet hinnen eis Questionnaire mat den anonymiséierten Äntwerten ze schécken.
- Mir hate mat de Veräiner ee ganz interessanten Austausch. Si hunn och hire Kontakt un d'Veräiner selwer weiderginn.
- D'Plattform vun der Agence du Benevolat war och eng Thematik, dës misst vum Familljeministère méi gepushed ginn.

## 5) Biergeréierung

- An eiser leschter Versammlung si mir an der Kommissioun zesummen d'Lëscht eenzel pro Propositioun duerch gaangen an hunn dës Kandidaturen op Grond vum Gemengereglement, dem Artikel 3 fir de Mérite sportif, gepréift. Am ganze goufen et 21 Kandidaturen. 1 Kandidatur ass als net eligibel festgestallt ginn. Bei 4 Kandidaturen (giel) huet de jeeweilege Mérite an eisen Aen net gestëmmt, dës Kandidature sinn awer fir een anere Mérite eligibel gewiescht, dat mir och an eisem Commentaire dobäi gesat hunn. Bei anere 4 Kandidaturen (blo) ass fir eis d'Erklärung vun deem jeeweilegen Tournoi net schlësseg gewiescht. Mir konnten hei net zu 100 % feststellen ëm wéi eng Leeschtung et sech handelt, fir och sou dee richtege Mérite kënnen ze definéieren. Fir dës 4 Kandidaturen ass de Service Communication gebiede ginn, dëst nozefroen a kloer zestellen.
- De Sekretär huet een Update ginn iwwert eisen Avis dee mir un d'Gemeng ginn hunn. Leider waren hei vill Kommunikatiounsproblemer, sou dass et net kloer war wee misst kontaktéiert ginn. Am Endeffekt ass awer alles kontrolléiert ginn.
- An der Kommissioun ass festgehale ginn, dass mir an eiser nächster Versammlung déi no dësem Event stattfënnt, een Avis zum Reglement an zum Event selwer schreiwen.

## 6) <u>Sportleréierung</u>

- D'Sportleréierung hätt sollten Donneschdes, den 13. November 2025 am Centre Culturel „am Duerf" statt, zäitlech gesi virun der Biergeréierung.
- An der leschter Versammlung war festgehale ginn, an der Woch vum 13. Oktober ee gemeinsame Call tëscht der Presidentin, dem Sekretär an dem Service Communciation ze maachen. Nom Call, sollt och der Kommissioun ee Feedback vum Neiste Stand gemaach ginn.
- Vum Schäfferot hu mir kuerzfristeg matgedeelt kritt, dass d'Sportleréierung net wéi geplangt stattfënnt mee eréischt den 21. Januar 2026.
- Als Kommissioun si mir net frou iwwert dës Ännerungen, och am Kontext dass mir schonn am Virfeld op méiglech Schwieregkeeten, déi elo agetratt si wéi den Timing, higewisen haten.
- Fir déi nächst Editiounen hu mir eis konkret Virstellunge gemaach, dass wäerten an engem zousätzleche Punkt an eisem Bréif un de Schäfferot (Punkt 8) mat agebonne ginn.

- **<u>Feedback – Versammlung mam Service Communciation</u>**

**1. Biergeréierung**

- Den Dësch-Tennis Buerglënster huet seng Kandidatur fir d'Biergeréierung zeréck gezunn, d'Gemeng huet hinnen awer kloer gemaach dass si awer eligibel wieren. Si wëlle just op der Sportleréierung deel huelen.
- Den Avis vun der Sportskommissioun mat deene verschiddene Remarque war kloer verständlech an den SCE ass deene Saachen nogaangen.
- D'Biergeréierung ass den 13. November mat 19:30 Ouverture des portes, duerno ass dann de richtege Start, provisoresch um 20 Auer.

**2. Sportleréierung**

**2.1 Am Virfeld**

- Alleguerten d'Sportsveräiner si vum Service Communciation per Mail kontaktéiert ginn, mat engem Opruff hier Sportlerinnen a Sportler fir d'Sportleréierung anzeschreiwen. Och ass hei nach opmierksam gemaach ginn tëscht dem Ënnerscheed vun der Biergeréierung an der Sportleréierung. Des Weideren ass och Reklamm um Site vun der Gemeng an iwwert Social Media gemaach ginn.
- Esou ass dëst Joer fir déi éischte Kéier ee Forms gemaach ginn, an deem d'Sportler oder Veräiner sech aschreiwen. Soss ass dëst ëmmer per Mail gemaach ginn. Deadline fir d'Aschreiwungen ass den 22. Oktober.

**2.2 Zäitplang & Oflaf**

- Géint 17:30 / 18:00 treffe mir eis als Kommissioun fir déi lescht Präparatiounen ze maachen. Déi genau Auerzäit hale mir nach fest.
- De Start vun der Sportleréierung ass um 18:30 Auer am Centre Culturel „am Duerf".
- D'Event geet mat enger Ried vum Luisa un.
- Da kënnt de Schäfferot bei d'Riednerpult bäi fir Diplomer ze iwwerreechen.
- D'Powerpoint geet no de Veräiner, dee Veräi mat de meeschte Kanner soll als éischt kommen. Als éischt kënnt ëmmer de Video, als Zort „Introduktioun" fir de Veräin. Pro Veräi soll dëst Joer och dohi stoe kommen ëm ween et sech handelt, z.B Dames 1 – Volleyball asw, mat de Fotoen. Déi concernéiert Leit ginn da vun der Presidentin opgeruff. D'Fotografin mëscht dann och eng Gruppefoto vun hinnen, hei ass och ee Slide pro Veräi virgesinn.
- Dat ganzt soll um 19:30 Auer fäerdeg sinn. Duerno gëtt et dann nach ee Patt a Schnittercher offréiert vun der Gemeng. Hei kann ee Musek am Hannergrond lafe loossen iwwert d'Anlag.

**2.3. Verschiddenes**

- Sou wuel eng Fotografin ass vun der Gemeng engagéiert, wéi och „d'Zerwéierdamme" fir de Patt an d'Schnittercher duerno ze zerwéieren.
- Den SCE mëscht wéi d'lescht Joer d'Powerpoint vum Event. Dës kréie mir am Viraus, de 7. November geschéckt. Esou kënne mir an eiser Versammlung Méindes, den 10. November eventuell Saachen upassen.
- Diplomer, esou wéi d'lescht Joer, geet d'Luisa Donneschdes, den 13. November op d'Gemeng sichen.
- D'Veräiner wäerte vum SCE kontaktéiert ginn, dass si d'Méiglechkeet hunn ee Video pro Veräi mat enger maximaler Dauer vun enger Minutt eranzeschécken. Dëst mat verschidde Fotoen oder Video aus hirem Joer. Hei ass hinne fräi Hand gelooss. Dës wäerten dann an d'Powerpoint agebaut ginn.
- Leider ass opgrond vun deem klenge Sall, an der Leinwand op der Bün, net méiglech de Volet „Presentatioun/Demonstratioun" duerchzeféieren, esou wéi d'Kommissioun et d'lescht Joer an hirem Feedback festgehalen huet. Fir d'nächst Joer hu mir schonn ugedeit dass d'Sportleréierung soll erëm am Gaston Stein sinn. Dëst wäerte mir awer an der Kommissioun alles zesummen an engem schrëftlechen Avis nom Event gemeinsam festhalen.
- D'Veräiner kréien hire Montanten direkt wéi d'lescht Joer vum Service Recettes iwwerwisen.

**2.4. Sall & Opbau**

- Ee Riednerpult mat zwee Dëscher si virgesinn. Esou kënne mir do Diplomer prett leeën am Virfeld vum Event.
- Et ass nach net kloer op mir d'Riednerpult an Dëscher virun d'Bün oder op d'Bün stellen. Dës kucke mir en fonction vun den Umeldungen. Des Weideren ass dowéinst och net kloer de Moment op d'Leit setzen oder stinn.
- Laanscht Fënstere wäert dee grousse Roll-Up Photoleinwand vun der Gemeng komme fir d'Gruppefotoe vun de Sportler ze maachen.

## 7) <u>Laserschwert - Atelier</u>

- Dësen Atelier ass de 15. November 2025 a wäert vun 13 – 18 Auer am Spigelsall „Op Fréinen" stattfannen.
- Et kascht 30 € an dës Sue ginn integral un eng Associatioun an Däitschland fir Kriibskrank Kanner gespent.
- 2 Dokumenter musse vun de Participanten ënnerschriwwe ginn. D'Event ass ab 18 Joer an ab 12 Joer kënne Kanner a Begleedung deelhuelen.

- D'Presidentin wäert eng Kaffismaschinn matbréngen an déi (och mir) aner wäerte verschidde Kuche, Snacks a Gedrénks matbréngen.
- Konkret si bei dësem Event d'Trooperplay den Organisateur a Lightswars sou wéi d'Kommissioun maachen d'Begleedung.
- Jiddereen deen Deel hëlt, muss déi verschidden Dokumenter ausfëlle fir dierfe matzemaachen.
- Duerno kréien d'Leit och ee Certificat, dass si un dësem Workshop matgemaach hunn.
- Bis 20 Leit kënne matmaachen, bis elo si 9 Persounen ugemellt.
- D'Presidentin wäert och ee Post am Lënster News Grupp op Facebook maachen.

## 8) <u>Demande Schäfferot (Nuit du Sport + Seefekëschterennen)</u>

- De Sekretär huet een éischten Draft vun engem Bréif geschriwwen an dësen de Memberen zesumme mam Ordre du Jour vun der Versammlung geschéckt. An der Sëtzung si mir dësen dunn zesummen duerch gaangen.
- Beim éischte Punkt betreffent der Seefekëscht goufen et verschidden Upassungen zum Datum, der Sécherheet, an och der zukünfteger Organisatioun.
- Beim zweete Punkt zum Lënster Wibbelt goufen et keng Verännerungen.
- An der Versammlung ass wärend den Diskussioune beim Thema Sportleréierung entscheet ginn, an dësem Bréif een drëtte Punkt bäi zesetzen. An dësem schreiwe mir eise Bléck op dëst Event a wéi mir eis d'Sportleréierung an der Zukunft virstellen.
- De Bréif wäert an der nächster Woch un de Schäfferot verschéckt ginn.

## 9) Oppen Diskussiounen

- Kommunikatioun
  - An der Kommissioun hu mir iwwert déi intern an extern Kommunkatioun vun der Gemeng zesumme geschwat.

## 10) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 13.11.2025 | 19:30 | Gaston Stein | Biergeréierung |
| 15.11.2025 | 13:00 | Op Fréinen | Laserschwert - Atelier |
| 02.12.2025 | 19:30 | Op Fréinen | 25. Versammlung |
| 15.01.2026 | 19:30 | | 26. Versammlung + Neijoerschiessen |
| 21.01.2026 | | Gaston Stein | Sportleréierung |

## 11) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| Annicchiarico Joé | Breden Kenichi | Dupont Nora |
| Dohn Laurent | Federspiel Chris | Granado Alexandre |
| Loureiro Luisa | Ricci Emilio | Schengen Sandra |
| Schuder Sandy | Weber Mich | / |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär